Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. August 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi d'Lëtzebuerger Wort schreift, plangt d'Regierung op enger Kräizung an der Polvermillen a Richtung Stad d'Installatioun vun engem Radar. Den Apparat soll souwuel Verstéiss géint d'Vitesslimitt, wéi och d'Iwwerfuere vun enger rouder Luucht erfaassen. Dës Technologie, gouf bis ewell just op ganz staark frequentéierte Kräizungen, wéi der Stäreplaz an dem Bouillon agesat. Weider schreift d'Wort, datt Vëloschaufferen, déi géint d'rout Luucht verstoussen, net verfollegt ginn, well een hir Identitéit net erfaasse kann.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi begrënnt d'Regierung d'Decisioun, grad op dëser relativ roueger Kräizung, mat just enger Haaptachs aus- an an d'Stad, souwéi zwou Niewestroossen e Radar mat duebeler Funktioun opzestellen?
2) Gesäit d'Regierung an där feelender Verfollgung vu stroffällege Vëloschaufferen net e Verstouss géint de Gläichheetsgrondsaz? Wier an deem Sënn net grondsätzlech iwwert eng Identitéitsfliicht fir Vëloschaufferen nozedenken?
3) Foussgänger gi reegelméisseg ugehalen, och dann net bei rout iwwert den Zebrasträifen ze goen, wann offensichtlech kee Verkéier herrscht, fir Kanner domat kee falscht Beispill ze ginn. Sollt dat selwecht net och fir Vëloschauffere gëllen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**